

Repickéiert, gestackt, geprafft?!

Wat ass dann elo e „Stacklëtzebuerg“? – **Wat ass iwregens e Stack-Fransous-Däitschen-Belsch** – Wa mir mengen, dat misst ee sinn, deen e Stammam bis an d'17. Joerhonnert opweises huet ... da gëtt et deer bestëmmt knapps 5 %.

Et ass bal net méiglech, seng Wuerzele vu virun der Franséischer Revolutioun erëmzefannen, well et jo do virdu keen „État civil“ ginn ass. **Schrëftlech Gebuertszeien hu mir vu viru ronn 1800 nëmmen a Par-Bicher, wou de Paschtouer d'Kanner bei der Daf, Erwuessener fir d'Houchzäit oder am Doudesfall opgeschriwwen huet.** Intressant ass, datt een dora ganz vill Virnimm mam laténgesche „Genitiv“ fënnt, aus deenen eiser (op verschidde Fassonge geschriwwener) zimlech typescher Familljennimm gi sinn: Pauly, Nicolay, Michaely, Stephany, Matey, Venandy, Philippuy ... firwat dat just bei äis? Wat mat all deene Par-Bicher geschitt ass? Déi allermeescht sinn, aus villen Ursaachen, net méi ze fannen; et huet e Geeschtlechen se (verbrueterweis) als privat gekuckt a matgeholl; si sinn als „ale Buttek“ op engem Drecks-koup geland, oder an der Ardennenoffensiv (1944/45) am Éislek resp. laanscht d'Sauer vermuuscht a verbrannt. Do kommen och déi Allerbescht vun eise sympathesche „Genealogen/Ahnenforscher“ knapps oder guer net méi weider. Grad esou typesch an interessant sinn déi **Nimm, déi aus der lëtzebuergescher Form vu Virnimm entstanne sinn:** Felten/Valentin, Nilles/Corneille, Hengen-Heinen-Hary/Henri, Gerges/Georges ... Halo UniLu!

E Wutz vun allgemengen **Ausdréck, déi eis sougenannt „Stacklëtzebuerg“ vu viru 19. Joerhonnert geschwat hunn,** ass nach stéckerchesweis an uralen Akte vu Verkäuf ze fannen, wou e Schreiwer dacks déi klengste Klenggekeete bis an déi lescht Einzelheeten (zimlech knubbeleg) notéiert huet ... mä wat huet dee geschriwwen? Dat war éischter Däitsch aus deer Zäit; mat Sécherheet net, wat déi „normal“ Leit geschwat hunn. Dat huet en dann och méi op Däitsch wéi mat der Lëtzebuerg Betounung gemaach, ongeféier esou, wéi mir et an eisem Urkadaster aus den 20er Joere vum 19. Joerhonnert fannen: vrun allem ouni d'Duebellauter éi-ou-äi-ou-ue-ie (z.B. „ieweschte Bësch“ = oberster Busch). En „normalen“ Text hu mir net als Zeien. An den 20er Joere vum 19. Joerhonnert begéine mir eréischt déi éischt Spure vu „geleefeg“ geschriwwenem lëtzebuergeschen Text, iert den Tunn Meyer 1829 säi „Schréck op de Parnassus“ erausginn huet ... an dunn ass et „bieregop“ gaang! Vun do u kann ee soen, eis Sprooch hätt „gestackt“ ... well se geschriwwen guff!

Kloer ass, datt op d'mannst **vum Hary VII., dem Jang de Blannen, dem Karel IV. un all „frieme“ Kapphär senger Leit aus alle Géigende vun „Europa“ matbruecht huet;** aus Spuenien, der Bourgogne, dem Frankräich, Éisträich, Holland, Preussen ... déi guffen dann hei „repickéiert“ ... si hu Wuerzele gemaach ... si sinn hei „hänke bliwwen“, ware „geprafft“. Dat ass esou gewiescht, bis d'Preussen d'Festung, ëm 1867, geraumt hunn. Duerno ass eng aner Zort Leit „Bäisaz“ ginn: Immigranten, déi an deer neier Industrie-Landschaft an am Bauwiesen eng Schaff fonnt hunn ... an dat op all Manéier bis haut! Aus deer kuerzer Zesummeefaassung **muss ee verstoen, datt mir Lëtzebuerg en typescht „Mëschvollek“ sinn.** Hei hunn allméiglech Kéil (Pflanzlinge, plants) staark Wuerzele kritt, och schéi Beem gemaach! Wat schwätzen deenen hir Ur-Kandskanner dann haut? Lëtzebuergesch!

Kuckt emol, wat sech an deem Sënn z. B. an Däitschland oder am Frankräich gemaach huet. Mä do huet d'Sprooch vum Land eng aner Roll gespilt, duerch déi agewandert Leit et zugudderlescht méi liicht haten (*Vogel friss, oder ...*) ... a kuckt d'Familljennimm an alle „Schichte“ vun de Länner, sief et op der TV, an der Wëssenschaft, dem Sport ... superintressant! **Am Duerchschnëtt schwätzt a Frankräich keen eppes anescht wéi Franséisch; zu Dortmund kommt dir ouni Däitsch net wäit;** mä mir „verwinnen“ se bal alleguer: gelungenerweis hire Pech! An ower hu mir, ee Gléck! Schwadrulle vu Leit mat „friemen“ Nimm. Eben deer gestackter, bäigeprafter ... wéi mir der bal alleguer sinn. Och äre Schreiwer. ☺


Nei Wieder

Sinn a jidfer Sprooch eng intressant Saach; mä et ginn der net esou vill, wéi ee kënnt mengen oder behaupt gëtt. D'Spezialiste vum „ROBERT/LAROUSSE“ am Franséischen oder vum DUDEN am Däitschen huelen zwar all Joer „modern“ Ausdréck eran an hir nei Editiounen ... d'meescht sinn et ower Wieder, déi (am Franséischen nieft der „Jugendsprouch“ an dem „verlan“) amerikanesche „Waasserschätz“ gläichen. Déi zécken net, fir egal wat „nei Wieder“ ze nennen ... déi dacks och „egal wat“ oder onartikuléieren, zesummegeknätschte „Slang“ sinn! Kuckt dach nëmmen d'Texter vu sougenannte „Lidder“ ... eng Grujel! **Mir hei an Europa schnapen dat alles op ... a mengen, no-afe wier apaart dichteg, also „in“.**

Kuckt mengentwéigen och **deen iwuerhiefleche Kuddelmuddel am Elektroneschen;** datt z. B. „Mail“ ganz einfach e „courrier“, oder riichtewech e Bréif ass ... et gëtt sech zudoud „reloaded“ a „geprint“, „geboost“, „gefaked“. Bëlleg! Et mécht ower „up to date“, souzesoen „durable in concert/session“. Wow!

A mir? Mä do ass de Prinzip einfach: Wou mir en Ausdröck am Lëtzebuergeschen hunn („baussent“), solle mir deen net muttwëlles mat engem aus egal watfir enger Sprooch ermélzen („ausserhalb“). Hu mir keen, da kënne mir roueg, wéi anerer och, glanne goen. Dat ass nëmmen normal ... ower net esou heefeg, wéi dacks falsch gemengt gëtt.

vum Lex Roth



André Faber

Eise „Futur“

... dee gëtt et net op d'Manéier, wéi mir et am Däitschen, am Engleschen, besonnesch am Franséische gewinnt sinn ... an nawell zimlech domat gepéngt guffen. *Ich werde kommen – I will come – je viendrai* ass an eiser Sprooch einfach „ech kommen“; **eise „Futur“ dréckt sech dann duerch en Zäitwuert (mar, déi aner Woch, herno...) oder de Sënn (Kontext) vum Saz aus. Et gëtt Dosende Sproochen, an deenen dat de Fall ass. Op kee Fall ass et „ech wäert kommen“;** dat wëllt am Lëtzebuergesche soen, datt ee bestëmmt wëllt kommen; et kënnt ee soen, et wier eng Verstärkung an der Zäit (reinforcement).

Iwwerleet ower emol, wéi dat nach gemengt ka sinn: *Ech wäert dir et unhänken; deem wäert ech et soen; hie wäert vläicht net kommen* ... dat „läit“ zwar an der „Zukunft“, mä et ass kee grammatesche „Futur“. Iwwersetzt emol (ëmgedréint) an d'Franséisch oder Däitsch „ech wäert deene watgliff soen“; *dee wäert sécher krank sinn, datt en net komm ass.*

Nach méi gelunge gëtt et, wa mir en anert Verb huelen, z. B. „hunn“, wou et mat *j'aurai, ich werde haben, I will have* an deenen 3 anere Sproochen e festgeneelte „Futur“ gëtt Probéiert emol mat eppes dat „geschitt“, dat dir „kritt“ oder „maacht“ ... op „eis Manéier“!

Dréien oder dréinen?

Natierlech ass dat net esou eeschlech wichteg; et kritt „een“ ower alt emol d'Fro gestallt **Dat Däitsch „drehen“ ass esou no, datt ee kënnt mengen, et misst dann och an eiser Sprooch „dréie“ sinn.** Deer Meenung muss een ower net sinn, well, wéi nenne mir dann eng „Kierp“ (Kurbel) ... dat war an ass nach ëmmer eng Dréin, oder? Wéi soe mir, wann een „eng komme gelooss“ huet? ... *deen huet eng „gedréint“, net gedréit.* Wann eng Saach einfach net wëllt goen, da verziele mir, et hätt een et kënnen dréinen a kéiere wéi ee gewollt hätt. Wéi nenne mir déi Uergel mat der Kierp: eng „Dréinuergel“ ... an da kënnt mir emol un **eist Verb „droen“** denken ... do dréit dach een eppes ... wat sech vläicht dréint ... an hei läit och d'Ursach, fir datt mir „hien dréint“ net solle mat „hien dréit“ verwiesselen. ☺

Et schéngt, wéi wann dat däitsch „Drehen“ sech hei mat der Mechanik vum „Dréier“, dem „ajousteur/tourneur“ eragelieft hätt. Et wier an deem Zesummenhank iwregens emo ganz intressant, **d'Handwierk an all senge Facetten op eis Sprooch ze ënnersichen.** Dovun ass e gudden Deel ëm 1970 an enger Diplomaarbecht gemaach ginn ... déi souguer eng Distinctioun krut.

Zuelt en Zueler?

Wien seng Steieren net matzäit *zuelt*, dee muss Zënsen *zuelen* ... Do laacht dir? Mä **firwat solle mir da vun engem „Steierzueler“ schwätzen?** Ginn déi *gezuelet* oder *bezuelt*? Wann dir direkt zuelt, da sidd dir e gudden Zueler; sidd dir zéi am Zuelen, da kritt dir e Bréif, dir wiert e schlechten ... Zueler ... an dann zuelt dir den Affekot an den Dierwiechter nach dobäi!

De Geck op d' Sait (firwat beisäit?): Hei hu mir et mat esou „Klenggekeeten“ ze dinn, déi eiser Sprooch en eegent Gesiicht ginn; an deem Fall schwätzt de Sproochentinn vum „Präfixen“, deene klenge Silben, déi vir op der Nues vun engem Wuert pechen: op-/aus-/erëm-/vir-... an natierlech och be(-zuelen, -gräifen, -sch-... -gladderen) ... kuckt emol weider an engem Dictionnaire. Mir hunn der ewell e sëllegen ... an dir *zuelt* emol net deier dofir.

Eis Internetsait (Actioun.Sprooch.lu)

Mir hunn zënter en etleche Joeren **eise „Site“ um Internet,** wou dir z.B. déi lescht Dosenden Nummere vun eiser KLACK fannt. Dir kënnt iech do och eist bekannt **Schreifweisblat** fir d'Orthographie vum Lëtzebuergeschen eroflueden (downloaden ☺). Dat Blat (Format Din A4) guff bis elo iwver 40 000 mol gedréckt ... mä mam Internet an dem Erausdrécke geet et vill méi kamoud!

Knuppere!

Wann een emol zerguttst iwverleet, da **fënnt een eraus, datt den Ausdröck (och d'Verb) mat deer Knupperei den Zentrum vun enger ganzer Schwadrull EISES ass,** an zwar vun enger „Knupp op der Bëls“ bis bei d'Schokolasknippchen.

Et kann een och, wéi z. B. zu Wolz oder Briedemes „**op der Knupp**“ wunnen ... an dofir esouguer zu de „Knupperte“ gehéieren. Ass eng Strooss am Däitschen „holpereng“, da fanne mir, datt se „knubbeleg“ wier. Wann et haart kraacht, da gëtt och gesot, et hätt „geknuppt“ ... an dofir heeschen déi zimlech geféierlech Dénger fir Sylvester oder Nationalfeierdag dann och haut „Knuppert“. **Ass dat dann elo en neit Wuert oder net?** Nei am selwechte Sënn wéi déi méi kleng Déngercher, déi mir „Këppercher“ oder franséisch verdréint „Ramosse“ genannt hunn ... wa mir net och nach „Feiersteng“ haten, déi wéinst dem Glach dann och nach deer genësseger Fleeschzalot hiren Numm ginn hunn. Eng aarm Sprooch, gelldir!